N°4523
Entrée le 22.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, den Här Inneminister an den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

D'Hessesch Landeskriminalamt huet rezent virun neie chemesch verännerte *Liquiden* gewarnt, déi ënner Nimm wéi „Görke", „Baller-Liquid" oder „Klatsch-Liquid" fir E-Zigaretten a *Vapes* verkaaft ginn. Si enthalen dacks syntheetesch Cannabinoiden (sougenannt nei psychoaktiv Stoffer, kuerz NPS), déi héich wierksam a séier ofhängeg maache kënnen. An Däitschland goufe scho méi Fäll bekannt, wou Kanner a Jugendlecher nom Konsum hu misse medezinesch behandelt ginn, an engem Fall zu Lahn-Dill ass den Doud vun engem 26 Joer ale Mann méiglecherweis domat verbonnen.

Besonnesch problematesch: Dës Produiten si faarweg a schmaache séisslech, a sinn dofir vu legale *Liquiden* optesch net ze ënnerscheeden. D'Konsumente wëssen dacks net, wat si genau anootmen. Virum Hannergrond vun dëser Entwécklung an Däitschland stelle sech och fir Lëtzebuerg wichteg Froen a Saache Preventioun, Iwwerwaachung a rechtlechem Kader.

An deem Kontext géing ech der Madamm Ministesch an den Häre Ministeren follgend Froe stellen:

- Ass der Regierung bekannt, datt esou chemesch verännert *Liquiden* och zu Lëtzebuerg am Ëmlaf sinn?
- Leien der Police grand-ducale oder de Gesondheetsautoritéiten Erkenntnisser iwwer Fäll oder Sécherstellunge vun esou Produiten zu Lëtzebuerg vir?
- Wéi ass de rechtleche Kader fir NPS zu Lëtzebuerg? Fale syntheetesch Cannabinoiden a Liquid-Form ënnert d'Gesetz vum 19. Februar 1973 (Betäubungsmëttelgesetz) oder gëtt et eng spezifesch Basis, z. B. nom Virbild vum däitschen Neue-psychoaktive-Stoffe-Gesetz (NpSG) fir och nei chemesch Varianten ze erfaassen?
- Goufen an de leschte Joren Intoxikatiounen oder medezinesch Noutfäll am Zesummenhang mat syntheetesche Cannabinoiden an E-*Liquiden* registréiert?
- Wéi schätzt d'Regierung de Risiko fir Kanner a Jugendlecher am Zesummenhang mat dëse Produiten an?
- Si spezifesch Sensibiliséierungs- oder Preventiounscampagnen zu dësem Thema geplangt oder schonn ëmgesat ginn?

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

- Wéi ginn d'Schoulen, d'Jugendhaiser an d'Elteren iwwer dës nei Form vum Drogekonsum forméiert?
- Wéi eng Mesurë gi geholl, fir den Handel an d'Verbreedung vun esou *Liquiden* ze bekämpfen?
- Ass eng Kollaboratioun mat den Nopeschlänner (Däitschland, Belsch, Frankräich) am Beräich vum Informatiounsaustausch iwwer NPS-Trends geplangt oder scho bestoend?

Mat déiwem Respekt



Ben Streff

Deputéierten


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu